OPERETT

# D'Joffer Marie-Madeleine, frësch verléift

**Freideg, de 24. Abrëll 2026**

Zu **MUTFERT**
am Kulturzentrum

CONTERN
Les Villageois

Reservéiert Är Plazen
mat dësem QR-Code:

**Ufank:** 20.00 Auer
Um **18.30 Auer** ginn d'Dieren op

**Präis:** 26.50 €

Org.: Organisatiounscomité 200 Joer
Chorale Les Villageois Contern

cargolux
you name it, we fly it!

LOTERIE NATIONALE

agence immobilière
TOUSSAINT Abby
www.confiance.lu

Fir e klengt Land weist Lëtzebuerg eng beandrockend Dicht an Diversitéit u lokalen a regionale Museksveräiner. An alle Regiounen engagéieren sech musekbegeeschtert Leit, déi zesumme sangen an domat aktiv zum soziale wéi och kulturelle Liewe vun hirer Géigend a Gemeng bäidroen. Vill vun dëse Veräiner kënnen op eng aussergewéinlech laang Geschicht zeréckblécken a feieren hire Centenaire – oder souguer méi – wat mech all Kéiers op en Neits beandrockt. Dës Loyalitéit a Laangliewegkeet ënnersträichen déi wichteg Roll, déi dës Associatiounen an eisem Alldag spillen. Si garantéieren den Accès zur Kultur an hir Dezentraliséierung, stäerken d'Zesummeliewen a schafen e staarkt Gefill vu Gemeinschaft.

D'Chorale Les Villageois vu Contern ass e markant Beispill fir esou e Veräin. Si besteet zanter 200 Joer, gehéiert domat zu deenen eelste Chorallen am Land an ass gläichzäiteg deen eelste Veräin an der Gemeng Conter. Esou ass si en onersetzleche Bestanddeel vum lokale Liewen – e richtegt Häerzstéck, dat aus Conter net méi ewechzedenken ass. Däsen aussergewéinlechen Anniversaire ass nëmme méiglech dank dem onermiddlechen Asaz vun alle bedeelegten Acteuren: de ville Präsidenten, de Comitésmemberen, de Benevollen an natierlech de Sängerinnen a Sänger, déi sech iwwer Generatioune fir d'Chorale engagéiert hunn.



Am Kader vun däsem ronne Gebuertsdag bréngt d'Chorale d'Operette „D'Joffer Marie-Madeleine frësch verléift" a Begleedung vun der Militärmusik op d'Bün. Eng Leeschtung, déi besonnesch bemierkenswäert ass, wann een de kënschtleresche an technesche Schwieregkeetsgrad vun däsem usprochsvolle Wierk aus dem Joer 1916 berécksiichtegt. Dës Opféierung wäert op en Neits dat grousst Kënnen an Talent vun de Sängerinnen a Sänger ënner Beweis stellen.

Als Kulturminister kann ech der Chorale Les Villageois Contern nëmmen e gelongene Gebuertsdag a Concert wënschen a gläichzäiteg meng déif Unerkennung fir hire wäertvolle Bäitrag zur lëtzebuergescher Choralle-Landschaft ausschwätzen. Op déi nächst 200 Joer!

**Eric Thill,** Kulturminister

## Léif Memberen a Frënn vun eiser Chorale les Villageois,

Mir feieren 200 Joer Chorale! Zwee Joerhonnerten, an deenen d'Musek, d'Leidenschaft an d'Gemeinschaft e festen a wäertvolle Bestanddeel vun eisem lokale Liewe waren.

Zanter 1825, kléngen d'Stëmme vun der Chorale duerch eis Gemeng a begleeden se duerch Freed an Trauer, duerch Festlechkeeten, reliéis Zeremonien a kulturell Evenementer. Dir hutt eis Stëmmen zesumme bruecht, a mat all Lidd och e Stéck vun eiser Geschicht erzielt.

200 Joer bedeiten och Generatioune vu Sängerinnen a Sänger, vun Dirigenten, Comité-Memberen a Fräiwëlleger, déi mat Engagement, Ausdauer an Häerzblutt dozou bäigedroen hunn, dës schéin Traditioun ze erhalen an ze stäerken. Ouni däsen aussergewéinlechen Asaz wier esou eng laang a räich Geschicht net méiglech gewiescht.

Gläichzäiteg ass dëse Jubiläum net nëmmen e Bléck zeréck, mee och e Bléck no vir. Besonnesch haut gesi mir, wéi wichteg de Gesank an d'Musek fir eis Gesellschaft sinn.



Gesank kennt keen Alter, kee Geschlecht an och keng Grenzen ob kultureller oder politescher Natur. D'Gesank bréngt d'Leit zesummen, verbënnt Generatiounen a schaaft Gemeinschaft. Dofir wënschen ech der Chorale, datt si och an Zukunft weiderhin nei Generatiounen inspiréiert, d'Freed um Gesank weidergëtt an nach vill schéi musikalesch Momenter an eiser Gemeng schaaft.

Zum Ofschloss wënschen ech eise Sängerinnen a Sänger eng festlech Jubiläumsfeier, vill Freed un der Musek an nach vill erfollegräich Joren.

Villmools Merci fir Ären Engagement.

**Dali Zhu,** Buergermeeschter Contern

# EIS PARTNER

www.artisal.lu
www.bct.lu
www.straussenfarm.lu

restaurant
an der tourelle
12, Wäistrooss
L-5450 STADTBREDIMUS
Tel: +352 23 69 85 11
Mail: info@tourelle.lu
Jours de fermeture:
lundi soir, mardi et mercredi toute la journée

estd 智慧阁 1998
Laotse
Restaurant | Moutfort

100
Raiffeisen
all about you




OPTIQUE
FRIEDEN&QUINTUS
SANDWEILER

# 200 Joer Bestännegkeet, Stabilitéit an Zouverléissegkeet



Virop wëll ech der „Chorale Les Villageois Contern" fir hiren 200. Anniversaire felicitéieren a wënschen, datt nach vill Joren derbäi kommen.

Mir Sängerinnen a Sänger stellen äis der aktueller Situatioun an enger Zäit vun Ëmbroch a Changement. Zesumme gleewe mir, datt mir weiderhin eng lieweg Zell a Kierch a Gesellschaft bilde kënnen.

D'Zäiten hu geännert, an dat weist sech och, andeems mir nei Lidder akzeptéieren, déi musikalesch modern a rhythmesch sinn. Mir mussen eis Gewunnechten änneren a mat der Zäit goen, awer esou, datt de Sënn vun der Saach erhale bleift.

Déi Zuel 200 vum Anniversaire besteet aus der 2, déi fir d'Upassungsfäegkeet a fir Verännerunge steet. D'Zuelen 00 sinn ee Ganzt, si si ronn, onendlech, a sti fir Spiritualitéit a Fäegkeeten.

Am Zesummenhang erkenne mir Bestännegkeet, Stabilitéit an Zouverléissegkeet, an all dat steet fir „Chorale Les Villageois Contern".

Äert Engagement iwwer vill Jorzéngte kann ee mat enger Eech vergläichen, well béid Stäerkt, laangt Liewen a Weisheet symboliséieren. D'Eech ass e Symbol fir déif Wuerzelen, Bestännegkeet an d'Fäegkeet, iwwer Jorzéngten ze wuessen, wat sech och op laangfristeg etabléiert Sängerinnen a Sänger iwwerdroe léisst, well och hir Stëmm an hire Repertoire iwwer all déi vill Jore gewuess ass.

Trotz enger prekärer Situatioun an der Kierch, ville politesche Spannungen a wirtschaftlecher Onsécherheet, muss Dir mat vollem Vertrauen an d'Zukunft goen.

Léif Memberen aus der „Chorale Les Villageois Contern", ech soen Iech am Numm vum Piusverband e grousse Merci fir ären onermiddlechen Asaz am Déngscht vun der Kierch an datt ären Asaz fir eis Gesellschaft dobaussen onverzichtbar ass.

Ech wënschen Iech weiderhin Hoffnung a Courage, gitt op Ärem Wee weider an eng positiv Zukunft a sangt viru mat voller Freed.

**Marc Boever,** President vum Piusverband

# 200 Joer Les Villageois, e Standbeen vum Duerfliewen



Et ass mir eng grouss Éier a Freed, am Kader vum 200. Anniversaire vun eiser Chorale „Les Villageois", fir dierfen d'Festivitéite fir dëse memorabelen Anniversaire mat op d'Been ze stellen. Zanter zwee Joerhonnerten ass eis Chorale fest am kulturellen a reliéise Liewe vu Conter verwuerzelt an huet Generatiounen zesummebruecht duerch d'Kraaft vum Gesank.

Déi laang Geschicht vun „Les Villageois" ass eng Geschicht vu Passioun, Engagement a Gemeinschaftssënn. Zanter der Grënnung huet de Conter Gesank ëmmer erëm bewisen, datt Traditioun a Modernitéit sech net ausschléissen, mee sech éischter ergänzen. Gouf de Gesank virun 200 Joer gegrënnt fir d'Masse gesanglech ze verschéineren, sou hunn eis Virfaren scho 1852 beim grousse Museksconcours an der Stad mat weltleche Lidder geglänzt. Vill Stëmmen hunn sech an dëser Zäit ofgewiesselt, mee de Geescht vum Zesummenhalt an d'Freed um Gesank si konstant bliwwen.

Eise besonneschen Numm „Les Villageois" erënnert un eis Wuerzelen an un déi enk Verbonnenheet mat eisem Duerf. E léisst vill Raum fir Spekulatioun. Waren se zu Conter an Ëmgéigend franséischfrëndlech, jo souguer vläit republikanesch? Oder ass et just einfach eng al bekannte Conter Dugend fir e bëssen anescht ze si wéi déi aner, jo et kéint ee behaapten, heiansdo eegesënneg?

Mat Houfert kucke mir zeréck op 200 Joer Engagement, mat groussem Respekt fir all déi Verantwortlech, déi et fäerdeg bruet hunn, dass de Conter Gesank dësen Anniversaire feiere kann. Mir kucken dann och mat Vertrauen an Optimismus an d'Zukunft. Mir wëllen och weiderhin d'Freed um Gesank deelen, Leit zesummebréngen an en Deel vum kulturelle Liewen zu Conter bleiwen.

**Jean-Claude Muller,** President vum Organisatiounscomité 200 Joer Chorale Les Villageois Contern

# DE PROGRAM VUN DE FESTIVITÉITEN
# 200 JOER CHORALE LES VILLAGEOIS CONTERN

**12/12/2025**
**Séance Académique**
*al Hal Conter*

**07/02/2026**
**Quizowend**
*Kulturzenter Éiter*

**08/02/2026**
**Fuesent beim Gesank**
*Kulturzenter Éiter*

**21/03/2026**
**Lëtzebuerger Owend**
*al Hal Conter*

**24/04/2026**
**Joffer Marie-Madeleine frësch verléift**
*Kulturzenter Mutfert*

**14/06/2026**
**Kiermes**
*ale Schoulhaff Conter*

**20/06/2026**
**Optakt vum Kultur-summer**
*Park Mutfert*

**21/06/2026**
**Journée des Jeunes**
*ale Schoulhaff Conter*

**21/06/2026**
**Fändelswei**
*Kierch Conter*

**30/10/2026**
**Candle Light Concert**
*Kierch Conter*

**22/11/2026**
**Télésmass**
*Kierch Conter*

**12/12/2026**
**Concert mat**
*Uropféierung*
*al Hal Conter*

# CHORALE LES VILLAGEOIS CONTERN



**Comité Chorale Les Villageois Contern**

v.l.n.r. : Muller Roby, Medinger-Bosseler Simone, Thill Jean, Jung-Assa Michèle, Jemming Patrick, Reiland Serge



**Organisatiounscomité « 200 Joer Chorale Les Villageois Contern »**

v.l.n.r. : Muller Charel, Garrard-Medinger Caroline, Muller Jean-Claude, Medinger-Bosseler Simone, Muller Roby, Mack Mirko, Roller-Lang Yolande, Reuter Monique.
Et feelen op der Photo :
Georges François, Jemming Patrick, Schroeder Carine, Thill Jean

**Pätteren a Giedelen vum neie Fändel**

v.l.n.r. : Jung Anne, Medinger Ralph, Muller Anne-Marie, Weisgerber-Peters Lily, Lehners Fernande, Meyrer Colette, Reiland Michel, Axmann-Reuter Martine, Rollinger Edmond.
Et feelt op der Photo:
Stirn Camille



# RÉCKBLÉCK…

**Ee Festakt geet net duer … et brauch e ganzt Festjoer!**
Den 12. Dezember 2025 huet d'Chorale Les Villageois Contern hir 200 Joer am Kader vun enger Séance académique a Präsenz vum Staatsminister Luc Frieden, dem Buergermeeschter Dali Zhu an engen 120 Gäscht an der aler Hal gefeiert. No der Begréissung vum laangjärege Präsident Roby Muller, huet den Univ.-Prof. Dr Damien Sagrillo an engem intressanten Exkurs d'Geschicht vum Gesank zu Lëtzebuerg beliicht. Et wor dann och déi offiziell Präsentatioun vum neie Logo vun der Chorale, dee kreéiert gouf vum jonke Pol Wolmering, deen domat den dediéierte Concours gewonnen huet. Den Owend huet sech ausgezeechent duerch eng Mëschung vun intressanten an häerzleche Rieden a musikalesche souwéi humoristeschen Intermezzi déi op « richtege Geschichten » vun der Chorale baséieren. Nom offiziellen Deel gouf sech nach bis déif an d'Nuecht bei engem gudde Maufel a Patt ënnerhalen an un sou munch Anekdot erënnert. Et wor dee perfekte Start fir e Festjoer an dem nach vill musikalesch an aner Héichpunkte solle kommen.



**Eng ganz besonnesch Éier …**
… an eng ganz grouss Freed hat d'Chorale de 17. Dezember, wéi si op Invitatioun vum groussherzoglechen Haff invitéiert waren, d'Personalfeier vun der Maison du Grand-Duc am groussherzogleche Palais musikalesch z'encadréieren. Onvergiesslech bleiwen déi häerzlech an authentesch Amenter mat der groussherzoglecher Famill, besonnesch d'Präsenz vun de léiwe Prënze Charles a François, déi d'Sänger an d'Sängerinnen déif beréiert hunn.

**Spannend Amenter …**
… goufen et de 07. Februar beim Quizowend am Kulturzenter zu Éiter. Eng 17 Ekippen si géint eneen ugetruede fir a verschidde Kategorien hiert Wëssen ënner Beweis ze stellen. Bis ganz zum Schluss wor et guer net kloer wien de Gewënner géif ginn. Verléierer gouf et net wierklech, well déi éischt zéng Ekippe konnten no engem gelongenen Owend mat attraktive Präisser an enger Grëtz méi Wëssen heem goen.



Den Dag drop wor dann déi traditionell „Fuesent beim Gesank", wou sech jonk a manner jonk zesummefonnt huet fir e gudde Menu an e puer flott Stonnen ze genéissen. Och dëst Joer waren neess en etlech Fuesboken dobäi, déi fir déi richteg Fuesambiance gesuergt hunn. D'Fuesmusek huet och net gefeelt an déi mëttlerweil renomméiert Tombola huet quasi keen eidel heem goe gelooss.

**E Lëtzebuerger Owend, dee senges Gläiche sicht …**
… gouf et den 21. Mäerz an der aler Hal zu Contern. Et wor net nëmmen e Concert, mä eng Virstellung déi senges Gläiche sicht. D'Bün wor als Wiertschaft ëmgebaut ginn, wat dem ganzen eng gewësse Gemittlechkeet ginn huet. Fir d'éischt gouf et, mat Stécker, wéi dem Marche Grand-Duc Adolphe an der Staatsministerparade, en Exkurs an d'Geschicht vu Lëtzebuerg. Mat bekannte Lidder, a fir munchereen och e puer Neientdeckungen, gouf ee méi iwwert dat alldeeglecht Liewe vun de Lëtzebuerger mat hiren dacks gelungenen Gewunnechten, gewuer. Solooptrëtter a Sketcher hunn dat Ganzt completéiert. Natierlech hunn déi beschtbekannten Ouerewierm, déi haut nach op ville Fester uechter d'Land gespillt a gesonge ginn, net dierfe feelen. D'Chorale huet de Public wärend dräi Stonne beschtens ënnerhalen; d'Leit hu matgesongen a gutt gelaach. A wéi gewinnt ass och hei keen hongereg oder duuschtereg heem gaang.



# … AUSBLÉCK

**D'Joffer Marie-Madeleine frësch verléift …**
… ass ee weideren Héichpunkt an der Feierlechkeete fir den 200ten Anniversaire vun der Chorale Les Villageois Contern a gëtt de 24. Abrëll am Kulturzentrum zu Mutfert opgefouert. Dëst Koméidisstéck, an deem sech bekannte Melodie vun e.a. Beicht, Benatzky, Dicks, Lehar, Offenbach, Stolz a Strauss begéinen, ass eng Opféierung am Kader vum 200-järegen Anniversaire vum Conter Gesangveräi mat der Lëtzebuerger Militärmusek. Loosst iech entféieren an d'Dramwelt vun der Operett a verbréngt en onvergiesslechen Owend mat Melodien aus e.a. dem Vogelhändler, Carmen, der Mumm Séis an der Lustigen Witwe. Daucht an an d'Geschicht vum Marie-Madeleine, begleet hatt op der Sich no sengem Gléck a freet iech op en onerwaartent Happy-end.D'Lëtzebuerger Militärmusek spillt ënnert der Direktioun vun hirem Chef adjoint, dem Jean Thill, deen, niewent dem Georges Sadeler, och fir d'Arrangementer an d'Orchestratioun zeechent.D'Konzept an d'Inzenéierung goufe vum Nadine Ewerling ausgeschafft.



**Eng Kiermes wéi fréier…**
… gëtt et nees de 14. Juni zu Conter am Schoulhaff ! An Zesummenaarbecht mat der Conter Gemeng gi Kiermesbuden, Karusseller a Spiller opgeriicht. Den Dag kann een sech et mat der Famill gutt goe loossen, wou déi Kleng an och déi Grouss sech ameséieren. Den Dag brauch keen doheem ze kachen, well et gëtt gudde Kascht vum Kiermesgrill ! Nieft de gewinnte Grill-Spezialitéite gëtt et och Wëld, Strauss an natierlech och vegetaresch Varianten. An den Dessert wäert souwisou net feelen. Wéi d'Traditioun et wëll, gëtt no der Kiermesmass mam Aperitif ugefaang an da steet engem genësserleche Sonndeg näischt méi am Wee.

**Endlech Kultursummer…**
… an dee fänkt den 20. Juni mat engem Concert vun de legendäre « Cool Feet » un. Si wäerten am Park Mutfert bis déif an d'Nuecht fir gutt Stëmmung suergen an den een oder anere Patt wäert op si gedronk ginn. Och wann et si schonn iwwer 55 Joer gëtt, wëssen si och haut nach di Jonk ze begeeschteren an déi déi scho méi laang liewe, souwisou. E Concert fir mat ze sangen, ze danzen an an de Summer eranzefeieren.

**E neie Fändel…**
… kritt d'Chorale les Villageois Contern den 21. Juni. Mat 10 Giedelen a Pätteren, Éieregäscht an de Conter Leit wäert am Nomëtten eng traditionell Fändelswei an der Conter Kierch ofgehale ginn. Am Cortège geet et duerno eriwwer an de Schoulhaff fir en Éierewäin a wou Conter Schüler ënnert der Leedung vun der Dirigentin Sylvie Serra-Jacobs aus dem Stater Conservatoire e Concert zum beschte ginn. An der Ambiance vun engem Volleksfest wäert dës Feierlechkeet da gemittlech bei engem Maufel a Patt auskléngen.

**Ganz besënnlech Amenter…**
… kënnen den 30.Oktober bei engem « Candle Light Concert » an der Conter Kierch erlieft ginn. Bei Käerzeliicht a musikalesche Kläng kann een d'Gedanke schwiewe loossen a gewëss och entspanen. D'Ambiance an och den Dekor vun der Conter Kierch ginn dem Concert eng ganz spezielle Aura, déi dëse Concert zu engem Erliefnis maachen.

**Op Cäciliendag e besonneschen Optrëtt…**
… fir d'Chorale den 22. November. Aus der Conter Kierch wäert dann d'Télémass op Apart TV iwwerdroe gi mat der musikalescher Begleedung vum Conter Gesank.

**Alles geet eng Kéier op en Enn …**
… och d'Festjoer fir den 200ten Anniversaire vun der Chorale Les Villageois Contern. Fräi nom Motto : dat Bescht zum Schluss, ass an der aler Hal zu Conter den 12. Dezember den Ofschlossconcert mat der Uropféierung vun enger fir den Anniversaire dediéierter Kreatioun vum beschtbekannte Lëtzebuerger Komponist Georges Sadeler. D'Chorale Les Villageois hëlt fir dës Geleeënheet nach weider Sänger a Sängerinne mat op d'Bün a gëtt vun der Harmonie Moutfort Medingen begleet. Dësen Ofschlossconcert vum Festjoer fir den 200ten Anniversaire vun der Chorale Les Villageois Contern wäert dem Public en akusteschen Héichgenoss bidden a Loscht op méi maachen.

# EIS PARTNER




**Agence Kevin Silva Bastos**
Votre agence d'assurances au cœur de Nospelt

1 rue de Dondelange, L-8391 Nospelt
T 26 10 27 67 | M 621 583 001
kevin.silvab@agences-baloise.lu

Matricule 2011AG125

baloise.lu

baloise

BE LOKAL, LËT'ZKOLA™

An Éim Néckels
HAFF
Muller-Lemmer

# Les *Villageois*.
# Deen eelste Gesangveräin vu Lëtzebuerg


D'Geschicht vum Conter Gesangveräin Les Villageois ass net nëmmen eng lokal Anekdot, mee eng mikrohistoresch Fallanalys, déi wäitreechend kulturgeschichtlech Dynamiken am 19. an 20. Joerhonnert opdeckt. Mat der europäescher Entwécklung vun de Musek- a Gesangveräiner, mat politeschen Transformatiounen an der Zäit vun der Restauratioun an der Liberalisatioun a mat der Kulturentwécklung zu Lëtzebuerg no 1848 steet de Conter Gesangveräin stellvertriedend fir eng Form vu Kultur, déi soziokulturell Kohäsioun, politesch Moderniséierung an identitéitsstëftend Traditioune gläichermoossen verkierperen.

**Originnen zu Contern: tëscht Gottesdéngscht a fréi-biergerlecher Organisatioun**

No der Iwwerliwwerung geet d'Grënnung vu Les Villageois ob den 12. Dezember 1825 zeréck; de Fändel dréit allerdéngs d'Inscriptioun "1826-1926". Virun 1848 konnte Chéier a Museken am rechtleche Sënn awer keng "Veräiner" sinn: Si hunn als Cäciliechéier d'Verschéinerung vum Gottesdéngscht iwwerholl – eng Praxis déi kierchlech gewënscht, staatlech toleréiert, awer net veräinsrechtlech ofgeséchert war. Déi rechtlech Basis gëtt eréischt mat der Constitutioun vum 9. Juli 1848 geschaf: Art. 26 (Versammlungsrecht) an Art. 27 (Veräinsrecht) maachen de Wee fräi vum kierchlech organiséierte Chouer zum juristesch unerkannte Gesangveräin. Datt zu Contern scho virdrun e Chouer aktiv ass, ënnersträicht, wéi fréi d'Gesangspraxis sozial verankert war.

**Den Numm *Les Villageois*: Identitéit, Kostüm a Kulturraum**

D'Fro "Wouhier kënnt den Numm?" ass net esou einfach ze beäntwerten: Et schéngt, wéi wann en zënter 1852 nogewise kéint ginn, och wann d'Press deemools weiderhi vum "Conter Chouer" geschwat huet. D'Uniform, e festleche Kostüm, deen dem ländleche Charakter vu Contern ugepasst war, mécht den Numm semantesch plausibel. D'Wiel vun engem franséischen Numm spillt op de Kulturraum un, an deem de Veräin sech beweegt huet: Les Villageois hu reegelméisseg u Fester a Loutrengen esouwéi an der Wallonie deelgeholl. Vill jonk Männer vu Contern hunn eng Zäit a Frankräich geschafft, wat eng frankophil Orientatioun legitiméiert huet. Zousätzlech kann de Numm a Verbindung vun enger nationaler Kulturentwécklung als e strategesche Géigenentworf gelies ginn: En affirméiert déi lokal Identitéit a poséiert eng eege Symbolwelt vis-à-vis vun nationale Modeller, ouni sech awer dovun auszeschléissen.




**Am nationale Netzwierk: Grënnungsmember a staatlech Impulser**

D'Conter Sänger stinn net isoléiert: Am Joer 1863 zielt de Conter Gesangveräin zu de Grënnungsmemberen vum "Allgemenge Lëtzebuerger Museksveräin" (ALM), dem Virgänger vun der haiteger UGDA. Am Joer 1852 huet zu Lëtzebuerg den éischte "Musik-Concurs" stattfonnt. D'Regierung huet d'Versammlungs- a Veräinsrecht eescht geholl an d'Initiativ fir dëst Evenement iwwerholl. Doraus ass eng vun den éischte grousse Manifestatiounen mat ronn 6.000 Visiteuren entstanen, mat der Intentioun, d'Vokal- an d'Instrumentalmusek ze populariséieren, als gewënschte kulturell Entwécklung ze positionéieren an d'Populatioun dofir ze motivéieren. Dës "Top-Down" Kulturpolitik (Subside fir Veräiner, déi deelhuelen, Concours, Präsenz vum Staatsminister Willmar) trëfft zu Contern op eng "Bottom-Up" Verwuerzelung: Les Villageois sinn aktiv am Duerf a sangen a kierchlechen a weltleche Kontexter. D'Verbindung vum staatlechen Impuls a lokaler Praxis ass entscheedend fir d'Stabilitéit vum Veräin. ▶

395

| Art. 27. | Art. 27. |
| --- | --- |
| Die Luxemburger haben das Vereinigungsrecht. Dieses Recht kann keiner verhütenden Maßregel unterworfen werden. | Les Luxembourgeois ont le droit de s'associer. Ce droit ne peut être soumis à aucune mesure préventive. |
| Die Gründung irgend einer religiösen Körperschaft bedarf der Ermächtigung durch ein Gesetz. | L'établissement de toute corporation religieuse doit être autorisé par une loi. |
| Art. 28. | Art. 28. |
| Jeder hat das Recht sich durch Bittschriften, sie seien von einer oder mehreren Personen unterzeichnet, an die öffentlichen Behörden zu wenden. Letztere allein haben das Recht, Bittschriften im Namen einer Gesammtheit einzureichen. | Chacun a le droit d'adresser aux autorités publiques, des pétitions signées par une ou plusieurs personnes. Les autorités constituées ont seules le droit d'adresser des pétitions en nom collectif. |

Veräinsrecht: https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/ordr/1848/07/09/n1/jo

**Den Numm Les Villageois**

Am Kontext vun der Opklärung gëtt de villageois ambivalent betruecht: ’natierlech’ (Rousseau), oppe fir Bildung, esouguer ufällech fir Superstitioun (Voltaire) an als en onverzichtbare Bestanddeel vum wirtschaftlech/ländleche Liewe vun där Zäit, mee och als Projektiounsfläch vun intellektuellem Defizit. Fir Contern bedeit dat, datt Les Villageois dat Lokaalt als Wäert codéieren – an dat net als Narrativ géint d’Stad, mee als symbolesche Géigenentworf fir Gemeinschaft, Traditioun a kollektiv Identitéit fir Musek a Konscht am ländleche Raum.

**Besatzungszäit an Opschwong nom Krich**

Ënnert der däitscher Besatzung gëtt d’Veräinsliewen vun engem “Stillhaltekommissar” iwwerwaacht. Vill Veräiner ginn opgeléist oder musse sech ideologesch upassen. D’Cäciliechéier duerfen nëmmen an de Kirche weidersangen. No 1945 setzt dann eng bemierkenswäert Reaktivéierung an: Déi batter Erfarungen aus dem Krich, d’Réckbesënnung ob déi bestoend Strukturen aus dem 19. Joerhonnert an d’lokal Verwuerzelung féieren zu engem staarken Opschwong bei de Gesangveräiner a Museken. D’Conter Praxis passt an dëst Muster: De soziale Kader duerch de Gesang, d’lokal an d’kierchlech Verankerung maachen d’Kärfunktioun vum Veräin aus.

**Erausfuerderungen zënter den Achtzegerjoren**

Vun 1980 u bereet eng Kombinatioun aus Individualiséierung, en anert Fräizäit-Verhalen (“Work-Life-Balance”) an als Konsequenz, Problemer bäi der Rekrutéierung vun Nowuess de Chéier Suergen. D’Unzuel vun de Memberen hëlt rapid of. Haaptsächlech Männer feelen an de Reien. D’Membere vu Jugendchéier trieden net automatesch engem Ensembel vun Erwuessene bäi. En net méi zäitgeméisse Repertoire a Verpflichtunge ginn als Barrièren empfonnt. Den INECC-Bericht (2024/25) gesäit d’Zukunft deemno an der Vernetzung (Federatiounen, Schoulen, Festivaller) a Chouerschoulen, Dirigentenausbildung, Noutenarchiven an der Diversifikatioun vum Repertoire mat interkulturellen an digitalen Elementer.

Die den Gemeinden zugewandten Summen sollen für dieselben eine Aufmunterung zum künftigen Musik-Concurs sein. — Die Summe wird um 600 Fr. erhöht und festgestellt auf 8050 Fr.

| | | | |
|---|---|---|---|
| Musikschule von | Wiltz . . . . . . | Fr. | 400 |
| „ „ | Diekirch . . . . | | 300 |
| „ „ | Grevenmacher . . | | 300 |
| „ „ | Vianden . . . . . | | 300 |
| „ „ | Remich . . . . | | 250 |
| „ „ | Fels . . . . . . | | 250 |
| „ „ | Esch a. d. Sauer . | | 250 |
| „ „ | Esch a. d. Alzett . | | 200 |
| „ „ | Ettelbrück . . . | | 150 |
| „ „ | Echternach . . . | | 150 |
| „ „ | Contern . . . . | | 200 |
| „ „ | Siebenbrunn . . | | 150 |
| | Total | | 2900 |

Subsiden: LW, 12. September 1852, S. 1

**Fazit**

Les Villageois si méi wéi en traditionelle Chouer: Wéinst hirem Alter stellen si eng lokal an national Institutioun am Kulturliewe vu Lëtzebuerg duer. Si sinn aus engem kierchleche Milieu eraus entstanen, hu sech als ee vun den éischte Veräiner um nationale Plang engagéiert a sech schonn eleng duerch hiren Numm eng eege Symbolik ginn. Déi historesch Linn, déi vu fréi-biergerlecher Gesangskultur iwwer eng national Konstruktioun vun Identitéit bis an déi verännert Fräizäitlogiken an déi nei musikalesch Paradigme vun haut reecht, verdäitlecht am Fall vu Les Villageois, datt Chouergesank zu Lëtzebuerg seng Kärfunktioun net verluer huet: als sozial Bindung, lokal Agebonnenheet a bestännegt kulturellt Gediechtnes, dat sech net opléist, mee sech mat Persistenz un nei Zäiten, nei Héiergewunnechten a nei Formen vu Gemeinschaft upasst.

**Text: Damien Sagrillo.**

**Bibliografie**

1. Denis Diderot/Jean le Rond d’Alembert: Encyclopédie ou Dictionnaire raisonné des sciences, des arts et des métiers, 1751-1772, Bd. 5 (1755), Art. Village, S. 635.
2. Jean-Jacques Rousseau: Discours sur l’origine et les fondements de l’inégalité parmi les hommes. Œuvres complètes. 1964, Bd. III, S. 1859-1860.
3. Voltaire: Dictionnaire philosophique portatif. Œuvres complètes de Voltaire. 1877-1885, Bd. 37, S. 120-135 (Art. Superstition), S. 210-215 (Art. Égalité)
4. Victor Medinger: Aus der Chronik einer Hundertfünfzigjährigen. Livre d’or édité à l’occasion du 150e anniversaire de la Chorale “Les Villageois Contern” : 1826-1976, 1976.
5. Pierre Grégoire: Luxemburgs Kulturentfaltung im neunzehnten Jahrhundert, 1981.
6. Damien Sagrillo: Musikgeschichte Luxemburgs,2023.
7. Francis Lucas: INECC-Etude https://www.inecc.lu/sites/default/files/documents/EDL_Executive%20Summary.pdf.

# CHORALE LES VILLAGEOIS CONTERN –
# ZANTER 200 JOER AM KLANG VUN DER ZÄIT

Den 12. Dezember 1825 ass zu Conter e Männerchouer gegrënnt ginn, mat engem bis elo eenzegaartegen Numm fir e Gesankveräin : Les Villageois. Bis haut ass net gewosst wéi et zu dësem Numm komm ass. Eent steet awer fest: Mir sinn den eelsten aktive Chouer am Land.

Bestoungen an den éischten 150 Joer d'Haaptaufgaben am Kierchegesank an Theaterspillen, mee de Conter Gesank huet sech schonns ganz fréi u weltleche Concerten bedeelegt, wéi 1852 an der Stad. Wéi iwwerall, hunn och bei äis d'Kierchenaktivitéiten mat de Joren ofgeholl a mir hunn eise Repertoire mat weltleche Wierker completéiert.

Vun 1961 u sange mer als gemëschte Chouer ënnert den Dirigente Vic Medinger, Abbé Antoine Nimax, Jean Thill, Christiane Schaul, Pierre Zahlen, James Chapman, Dominique Escande, mat ëmmer neien Impulser an usprochsvolle Projeten.

„Mat 200 Joer um Bockel ware mir ni esou äerdeg wéi déi lescht 25 Joer", freet sech de Roby Muller, deen zanter 35 Joer Präsident vum Conter Gesank ass.

Zur positiver Entwécklung vun eisem Chouer huet och eisen neie Proufsall „an Henkes" bäigedroen, den d'Gemeng eis virun e puer Joer amenagéiert huet. Hei gëtt all Mëttwochowend äifreg geprouft an duerno geet nach laang keen heem…

Mat Sänger a Sängerinne vun all Alter, aus verschidde Länner a mat ënnerschiddleche Kulturen, droe mir och zur sozialer Kohäsioun bäi. An deem Sënn freeë mer eis iwwert déi gutt Entente mat der Seniorie Ste Zithe vu Conter, wou mir reegelméisseg hir Gedenkmasse musikalesch begleeden an hire Bewunner mat klenge Concerten eng musikalesch Freed maachen.

Mat frëndschaftleche Kontakter zu verschiddene Chéier aus dem ganze Land hu mir an de leschte 25 Joer verschidden thematesch Concerte mat groussem Asaz a Begeeschterung gesongen.



Concert Spirituel 19. Oktober 2012 mat de Chorallen Éiter-Schrasseg an Gronn

Zu den Highlights zielen ouni Zweifel eis ambitiéis Concertsprojeten:
2013 SING AFRICA
2014 SING & SWING
2016 CHANTONS PARIS.
Hei stounge jeeweils ëm 100 Sänger a Sängerinnen op der Bün, begleet vu verschiddene Harmonieorchesteren. De Succès war garantéiert an niewent dem Gesank koum d'Gesellegkeet ni ze kuerz.



En absolutten Héichpunkt war dee rezente Concert „Silver Screen Highlights", organiséiert vun der INECC, wou mir bei der Opféierung an der Phillharmonie en Deel vun den 120 Sänger a Sängerinne waren a musikalesch begleet goufe vun de Museksgesellschafte vu Greiweldeng a Jonglënster.

Nieft eise villen Ausflich mat Optrëtter, bei deene mir eis Stëmmen zum Beschte ginn, maache mir och onvergiesslech Reesen an europäesch Stied wéi Wien, Prag, Berlin, Barcelona, Marbella, Lissabon, Porto, Hamburg an an den Elsass. Dës Reese si gepräägt vu Kultur, gudder Laun a ville gesellegen Amenter mateneen, déi eis Chorale nach méi zesummegeschweesst huet.

Nierft dem Sangen, engagéiere mir äis als Gesank ganz intensiv um kulturelle Liewen vun eiser Gemeng. Als Chorale engagéiere mir äis schonn iwwer 30 Joer beim Festival International de la Bande dessinée, wou mir iwwer d'Entente vun de Conter Veräiner fir de Catering zoustänneg sinn. Schon zanter 30 Joer bake mir Wäffelcher a rullen Trüffelen fir Chrëschtdag. Och beim Adventsmaart zu Conter, wou en Deelerléis fir e gudden Zweck ass, ass d'Chorale staark engagéiert.


Haut besteet Chorale les Villageois aus 27 engagéierte Sänger a Sängerinnen, eng Zuel déi entgéint aneren Entwécklungen am Land iwwer Jore konstant bliwwen ass.

Mat vill Freed um Gesank an engem gesonde Sënn fir Humor gëtt d'Traditioun weidergedroen, ëmmer mat Bléck no vir. Esou bleift d'Chorale Les Villageois deem trei wat si ëmmer war: Eng Gemeinschaft, déi mat Häerz a Stëmm zesummenhält!

# EIS PARTNER



DEVENEZ PROPRIÉTAIRE
À VENDRE
SCHRASSIG
Livraison 07/26
Reste 1 maison à 3 chambres et un duplex à 3 chambres avec garage.
WASSERBILLIG
Livraison 3 mois
Reste 1 appartement de 2 chambres et 1 bureau de 64m2 avec garage et place privative.
NIEDERANVEN
Livraison fin 2026
3 maisons en bande et 1 isolée à 3 chambres.
À VENIR : CONTERN, lotissement AN DEN LEESSEN II :
prochainement plusieurs types de maisons unifamiliales ...
info@cialux.lu
Tel.: 34 19 34 / 691 501 234
Cialux.lu
cialux
CONSTRUCTION

Acheter ou louer de la vaisselle réutilisable en plastique
Boissons de Contern
info@cupconcept.lu

# DONATEURS

| | |
|---|---|
| Monsieur | Armand Mignon |
| Madame et Monsieur | Bintener-Medinger Guy |
| Madame | Bos-Thill Jeanny |
| Madame et Monsieur | Chen |
| | CHORALE CAECILIA MOUTFORT-MEDINGEN |
| | CHORALE STE CÉCILE OETRANGE-SCHRASSIG |
| Madame | Colas-Hentges Vonny |
| Madame | Desselle Isabelle |
| Madame | Deville Danièle |
| Madame et Monsieur | Di Genova-Reding |
| Monsieur | Dusseldorf Nicolas |
| Madame | Eischen Linda |
| Monsieur | Entringer Marc |
| Monsieur | Even-Hilger Boris |
| Madame | Franck-Kohn Evelyne |
| Madame | Fries Chantal |
| Madame et Monsieur | Geimer-Waldbillig |
| Madame et Monsieur | Gilbertz |
| Monsieur | Goergen-Voncken Jean-Nicolas |
| Madame | Grün-Besch Paulette |
| Madame | Hansen-Terens Marie-Paule |
| Monsieur | Hermes-Goerres Aloyse |
| Monsieur | Heuertz Felix |
| Madame | Jean Christiane |
| Monsieur | Keup Marco |
| Monsieur | Kieffer-Strehlau Gérard |
| Monsieur | Klein Nico |
| Madame et Monsieur | Lafleur-Rennel |
| Monsieur | Loose Yves |
| Madame | Luchetta Maria |
| Madame | Mackel-Geyer Denise |
| Madame | Mangen Nathalie |
| Monsieur | Margue-Thill Pierre |
| Madame | Medinger-Heuertz Marcelle |
| Madame | Melchior Myriam |
| Monsieur | Melchior Jean-Marc |
| Madame et Monsieur | Mersch-Gansen |
| Madame et Monsieur | Muller-Oesch Charles et Liz |
| Monsieur | Parsons Colin |
| SAR | Prince Guillaume de Luxembourg |
| Madame | Reuland Michelle |
| Monsieur | Reuter Charles |
| Madame et Monsieur | Reuter-Mertz Robert |
| Madame | Roeder Olga |
| Madame | Roell-Behrends Hannelore |
| Madame et Monsieur | Scheltgen-Ditsch Gita et Carel |
| Madame | Weis-Schilling |
| Madame et Monsieur | Schmit-Fautsch |
| Monsieur | Scholer Guy |
| Madame et Monsieur | Seil-Besseling John |
| Madame | Stoltz Karin Anne |
| Madame et Monsieur | Stumper-Bentz |
| Monsieur | Thill-Medinger Constant |
| Madame et Monsieur | Wantz-Brever Pierre |
| Monsieur | Weidig Georges |
| Madame | Winter Vera |
| Monsieur | Zikes Kurt |

# CLUB DES 200

| | |
|---|---|
| Madame | Adehm Diane |
| Monsieur | Arrensdorff Jean-Jacques |
| Monsieur | Bache Claude |
| Monsieur | Boever-Reinesch Marco |
| Madame | Eifes Beatrice |
| Monsieur | Eifes-Wilwert Eric |
| | ENG UERGEL FIR D'CONTER KIERCH ASBL |
| Monsieur | Fardeau José |
| Madame et Monsieur | Goergen-Reuter Constant |
| Madame et Monsieur | Gonderinger-Goelf Camille |
| Madame | Jung Anne |
| Monsieur | Jung François |
| Monsieur | Lorent Joseph |
| Madame | Mangen Christiane |
| Madame | Medinger Gisele |
| Madame et Monsieur | Medinger-Stirn Jean-Pierre |
| Madame et Monsieur | Melchior-Hoffmann Suzette et Leon |
| Monsieur | Meyers Sébastien |
| Madame | Meyrer Colette |
| Madame | Muller Véronique |
| Madame et Monsieur | Muller-Lemmer Jean-Claude |
| Madame | Rennel Eliane |
| Madame | Ries Marie-Josée |
| Monsieur | Schiltz Fernand |
| Madame | Schintgen Mathilde |
| Madame et Monsieur | Subramanianc-Srinath |
| Monsieur | Thill Jean |
| Madame et Monsieur | Jung-Schroeder Tom et Carine |
| Monsieur | Wagener Léon |
| Monsieur | Weidig Tom |
| Madame | Zovilé-Braquet Marion |

An dëser Lëscht sti just Donen, déi bis de 4. Mäerz 2026 erakomm sinn!

Avec le soutien financier du ministère de la Culture
du Grand-Duché de Luxembourg
et de la Commune de Contern

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

dynamesch engagéiert fir iech
Gemeng
Conter



D'Sänger vun der Chorale Les Villageois Contern bei der Séance Académique 12.12.2025

## Sonndes, de 14. Juni 2026

Zu **Conter** bei der aler Schoul

Glace

Intefëschen

# CONTER KIERMES

Karussell

Schéissbud

Grill

Kiermesmass mat traditioneller Aeseenung um **10.00 Auer**

Kiermesapéro vun **11.00 Auer** un

De Kiermesmenu zerwéiere mir vun **12.00 Auer** un

**Kiermesburger**
**Steak vum Réi**
**Straussesteak**

All Menu gëtt mat Fritten oder Gromperen,
Zalot an engem Stéck Kiermestaart zerwéiert

**Reservatioun vum Menu bis den 11.6.2026 per mail: inscription@chorale-conter.lu**
**Fir all d'Mammen hu mir eng kleng Iwwerraschung beim Kiermesmenu derbäi.**

Org.: Organisatiounscomité « 200 Joer Chorale Conter »
an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Conter